

REGLEMENT « FUN CHALLENGE CLIÄRREF »

D'CHALLENGE 4: FOTOSHOOTING

Dauer: bis de 5. Dezember

Hei ass d'Challenge 4 vun der FUN CHALLENGE CLIÄRREF

Bei dëser leschter Challenge gi mir méi an de kulturelle Beräich. Mat engem klengen "Sichspill" wëlle mir mat Eech zesummen op Entdeckungsrees duerch eis Gemeng goen. Dir kritt e Formulaire zur Verfügung gestallt mat verschiddene Fotoen. Et sinn alles Plazen, Monumenter, Gebaier oder Installatiounen aus eisen Dierfer. Wësst dir wou dir dës fannt ?

Wa jo, dann invitéiere mer Eech op d'Plaz ze fueren an eng Foto mat Eech (Selfie) virun oder nieft der Plaz, dem Monument, dem Gebai, der Installatioun ze maachen. Dir kënt Eech als Memberen ofwiesselen, esou datt ëmmer een aneren op der Foto ass. Dir musst net all zesummen op enger Foto sinn. Déi gesichte Plaz/Monument/Gebai/Installatioun muss gutt erkennbar op der Foto sinn, esou wéi deen deen d'Foto mécht och.

Eng kleng Hëllef proposéiere mer lech an der Form vun engem Joker: dir dierft fir 1 Foto d'UERTSCHAFT nofroen. All Equipe dierf nëmme eemol vum Joker Gebrauch maachen an den Joker gëllt nëmme fir 1 Foto.

Hu der all déi gesichte Plaze fonnt, da schéckt eis folgendes eran:

- de Formulaire mat den Uertschaften an de Nimm vun der gesichter Plaz, dem Monument, dem Gebai, der Installatioun
- d'Fotoe vun der Plaz mat minimum 1 Persoun vun Ärer Equipe mat drop

De Numm vun der Foto soll präziséieren wéi eng Foto an der Reiefolleg vum Formulaire et ass a wou dir waart (Beispill: Foto 1 + Uertschaft, Foto 2 + Uertschaft, ...).

Schéckt Är Fotoen zesumme mam Formulaire als Link via wetransfer.com, un d'Mailadress city.management@clervaux.lu bis de 5. Dezember nach mat.

Maacht 1 Dossier, mat allen Dokumenter gesammelt, deen der benennt mam Numm vun Ärer Equipe !!

Punkteverdeelung:

Akzeptéiert ginn d'Formater fir d'Fotoen als: .jpg a .pdf

All Equipe déi de vollständige Formulaire mat alle Fotoen ofgëtt, kritt **5 Punkten**.

Hutt d'Equipe fir déi jeweils Foto d'Plaz an d'Uertschaft richtig fonnt, ginn et pro Foto jee weils **2 Punkten**.

De Jury behält sech d'Recht an fir e Maximum vun **3 Equipe mat 5 weidere Punkten** ze belounen jee no deem wéi kreativ d'Fotoe gemaach si ginn.

Mir wënschen Eech vill Spaass op Ärer Entdeckungsrees duerch d'Gemeng Cliärref.